Fësch aus Lëtzebuerg

Zesummegestallt vum: WEYLAND Nico weylandn@pt.lu / NEUMANN René rene@neumann.lu / THILL Lucien lucien.thill@lu.coditel.net / / März 07

©Lau, Spatzminn, Baachminn, blénkege Minn, Wäissfësch



LU: Lau, Hasselter, Spatze Minn, Baachminn, blénkege Minn, Wäissfësch
DE: Hasel, Häsling, Laube
FR: Vandoise
LT: Leuciscus leuciscus, Squalius leuciscus
Gréisst : 20 - 30 cm, max. 40 cm
Gewiicht: 0,3 - 0,7 kg , vereenzelt bis 1 kg
Kierper: Am Verglach mat séngem Verwandten, dem Minn, ass säi Kierper vill méi schlank a méi reng. De Réck ass groblo an Säiten sëlwereg, de Bauch wäiss an d'Flossen gielzeg. En huet grouss Aën an eng spatz Schnëss, duerfir och de lëtzebuerger Numm "Spazte Minn ".
Standuert: En ass gär a properem a schnellfléissendem Waasser an der Aeschenregion.
Ernährung: Larven a Waasserinsekten um Grond a Landinsekten déi en un der Uewerfläch fänkt.
Läichzäit: März bis Mee
Schounzäit Grenzgewässer Musel a Sauer: 01.03 – 14.06 **Schounzäit Grenzgewässer Our:** 01.01 – 31.03 **Schounzäit Binnengewässer:** 01.03 – 14.06
Fëschmooss Grenzgewässer: keng Mooss **Fëschmooss Binnengewässer:** keng Mooss
Indikatiounen ouni Garantie